



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, vum Minister fir
Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus
op d'parlamentaresch Fro n° 168 vum 12. Januar 2024 vum Här Fernand Kartheiser.**

Fro 1: Wéi eng Délaie si realistesch fir den Dossier am Ëmweltministère ofzeschléissen?

D'Stroossebauverwaltung huet den Autorisationsdossier am September eragereecht, deen den deemolege Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten uschléissend am Kader vun der Prozedur nom Gesetz vum 29. Mee 2009 betreffend d'Ëmweltverdréiglechkeetspräiwung un den Ëmweltministère weidergereecht huet.

Den Ëmweltministère ass also aktuell befaasst mam Avant-projet détaillé (APD) vum Contournement Bascharge fir, op Basis vum Gesetz "loi du 29 mai 2009 concernant l'évaluation des incidences sur l'environnement humain et naturel de certains projets routiers, ferroviaires et aéroportuaires" an den Iwwergangsbestëmmunge vum Gesetz "loi modifiée du 15 mai 2018 relative à l'évaluation des incidences sur l'environnement", en Arrêté ze preparéieren iwwert d'Kompensatiounsmaosnamen an d'Exploitatiouns- an d'Aménagements-Conditione fir de Bau vum Projet.

Opground vum APD-Dossier mussen eng Réi Punkte completéiert gi fir kennen den Arrêté fäerdeg ze stellen. Dëst betrëfft ënnert anerem d'Chantiersplanung, d'Emprise vum Projet, de Kaméidi, den Ëmgang mam Buedem an den Altlasten an och den Eco-Bilan. Dëst gouf dem Bauhär Enn November 2023 matgedeelt. Am Januar 2024 huet de Bauhär éischt Präzisiounen zu verschidde Punkten nogereecht, déi am Autorisationsdossier net komplett waren.

Wann déi elo nach oppe Punkte bis nogereecht sinn an den APD domadde komplett ass, kann den Arrêté relativ kuerzfristeg duerch den Ëmweltministère fäerdeg gestallt ginn.

Fro 2: Wéi en Delai ass realistesch fir d'Gespreicher iwwer d'Verleeë vum Standuert vun enger Firma, där hiren Terrain fir de Bau géif gebrauch ginn?

D'Gespreicher mat der Firma sinn aktuell am Gaangen, et kann awer nach keng Ausso gemaach gi wéini dës ofgeschloss sinn.

Fro 3: Wéi en Delai gesäit d'Regierung elo vir am Hibléck op den Ufank vun den Bauarbeiten um Käerjenger Contournement?



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Déi éischt Ausschreibungsdossieren missten nach kënnen dëst Joer fäerdeg ausgeschafft ginn, sou datt et denkbar wier, datt 2025 déi éischt Bauaarbechten am Kader vun der Ëmgeungsstrooss Käerjeng kéinten ufänken, woubäi de Phasage vun den Aarbechte vun der Disponibilitéit vun den Terrainen ofhänkt.

Lëtzebuerg, den 20. Februar 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes